Syndicat pour l'Aménagement
et la Gestion du **Parc Naturel de l'Our**

12, Parc
L-9836 Hosingen

Tél.: +352/90 81 88-1
Fax: +352/90 81 89

www.naturpark-our.lu
info@naturpark-our.lu

Housen, den 23. Mäerz 2016

Betr.: ***Alles ronderëm d'Waasser! …op der Rackésmillen***

Dir Dammen, Dir Hären,

de Naturpark Our an déi regional Flosspartnerschaft invitéieren Iech zesumme mam Tourist Center Robbesscheier ganz häerzlech op en Dag wou eist Waasser ganz bewosst am Mëttelpunkt steet: **„Alles ronderëm d'Waasser! …op der Rackésmillen"** heescht et **den 13. Abrëll 2016** am Kader vum regionalen Aktiounsprogramm zum Weltwaasserdag zu Äischer an der Rackésmillen.

Op dësem Dag sinn Schoulklassen vum Cycle 2, 3 a 4 invitéiert, fir op engem pädagogesche Rallye op d'Spuere vun dëser eenzegaarteger Ressource ze goen a bei enger Rei vu léierräichen Atelierë ze erliewen, wat fir eng wichteg Funktioun eist Waasser an eis Baachen eigentlech hunn.

Den Dag „Alles ronderëm d'Waasser! …op der Rackésmillen" gëllt awer net alleng de Schoulkanner. Och Dir, als Vertrieder vun de Gemengen am Naturpark Our, als Member vun der regionaler Flosspartnerschaft oder als interesséierte Bierger, sidd ganz häerzlech invitéiert den 13. Abrëll 2016 **um 15:00 Auer** un enger informativer Versammlung ronderëm eist Waasser deel ze huelen.

Programm:

- *Eist Waasser schmaacht! - Begréissung an Degustatioun*
- *Visite vun de Waasseratelierë fir Schoulklassen*
- *Wat bedeit de neie nationale Waasserbewirtschaftungsplang fir eis Regioun?*
- *Projet vun enger gemeinsamer Gewässer-Charta fir d'Regioun vum Naturpark Our*
- *Ofschléissend Wierder vun der Madame Minister fir Ëmwelt Carole Dieschbourg*

Op der Récksäit fannt Dir Äre Formular fir d'Umeldung.

Mir géifen eis freeën Iech um Dag ronderëm d'Waasser zu Äischer begréissen ze dierfen a verbleiwe mat frëndleche Gréiss,

Emile Eicher

President vum Naturpark Our

Fließgewässerpartnerschaft
Naturpark Our

Fließgewässerpartnerschaft
Naturpark Our

Umeldung fir d'Veranstaltung vum Dag „Alles ronderëm d'Waasser! ...op der Rackésmillen" den 13. Abrëll 2016 vun 15:00 - 17:00 Auer an der Rackésmillen zu Äischer

Numm:……

Organisatioun:……

e-mail:……

Umeldung bis den 11. Abrëll 2016

per Fax: 908189, Tel.: 908188-642 oder e-mail: laurent.spithoven@naturpark-our.lu